Diekirch, le 08 mars 2021

Affilié :

au Syndicat Professionnel de la Force Publique (S.P.F.P.)
à la Confédération Générale de la Fonction Publique (C.G.F.P.)

Léif Memberen,

Mir haten Iech am Februar iwwer Courrier ee Bulletin de Vote zougeschéckt, fir iwwert déi vun eis proposéierte Statutenännerungen, déi ënner anerem duerch d'Aféierung vun enger néier Carrière noutwenneg ass, of ze stëmmen an un ons zeréck ze schécken.

Mier waren wierklech positiv iwerrascht weivill Leit sech Zäit geholl hunn an eis den Bulletin erageschéckt hunn! Dofier soen mier Iech ee ganz ganz groussen Merci! Dat weist eis dass Dier, un eiser Aarbecht an eisem Syndikat interesséiert sidd an dier eis är Meenung matdeelt wann dier gefrot gitt. Och wann eng large Majoritéit vun Iech fir eng Statutenännerung gestëmmt hutt, esou hunn mir awer een Quorum vun 2/3 vun allen Walberechtegten ganz knapp verfeelt!

Esou wéi et am Artikel 8 vum Gesetz iwer d'Gesellschaften virgesinn ass lanceieren mier elo dei nächst Etappe an der Statutenännerung an zwar e komplementaren Vote.

Mir schécken Iech heimadder den Bulletin de Vote vum **2. Vote**, a géingen Iech bieden de Walziedel an enger Enveloppe via Courrier oder Email ausgefëllt eran ze schécken.

Den Delai fir dësen zweete Vote un eise Walbüro ze schécken ass den **22. Mäerz 2021.**

Vu datt et sech elo ëm ee komplementare Vote handelt, gëtt d'Resultat laut Artikel 8 vum Gesetz iwer d'Gesellschaften duerch "simple majorité des voix" bestëmmt, dat heescht d'Majoritéit vun de Walziedelen entscheet iwet dei proposeiert Statutenännerung. All Informatiounen heizou fannt Dier nach eng Keier en Annexe.

Mir soen Iech fir Är Ënnerstëtzung a Mataarbecht Merci.

Bleift gesond.

Mat gewerkschaftleche Gréiss

De Conseil d'Administration

SPAL
BP 166
L– 9202 DIEKIRCH comite.spal@gmail.com www.spal.lu